



Programm 2020-21

# FORMATIOUNE FIR JONKER



## Animateur ginn
## Animateur sinn

### Spillrepertoire
New Games, Spill a Spaass fir dei Kleng

### Naturerliewnis
Hike, Nuetsraid, WE an der Natur

### Animatioun
Grouss Spiller am Bësch an an der Stad, Owesaktivitéiten an Nuetsspiller

### Responsabilitéit
Wéi organiséieren ech eng Kolonie? Alles kee Problem!

### Diversitéit
Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

Une offre du snj Service National de la Jeunesse




## Impressum

***Rédaction***
SNJ

***Mise en page***
SNJ

***Imprimerie***
Imprimerie Centrale

***Tirage***
1000 exemplaires

***Parution***
Octobre 2020

***Crédit photo***
Groupe Animateur, SNJ

FSC
www.fsc.org
RECYCLÉ
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C103749

# D’Formatiounen



# Iwwerbléck

De Service National de la Jeunesse (SNJ) ass en öffentleche Service, deen ënnert der Autoritéit vum Educatiouns-, Kanner- a Jugendministär steet. Eng vu ville Missioune vum SNJ ass Formatioune fir Animateuren z'organiséieren.

D'Formatioune fir Animateure riichte sech un all déi, déi wëlles hunn, Fräizäitaktivitéite fir Kanner a Jugendlecher z'encadréieren. Den Inhalt an d'Dauer vun de Formatiounen hänke vun den Aufgabe vun den zukünftegen Animateuren of.

Et gëtt ënnerscheed tëscht:

- Formatioun A : Animateur vu Vakanzaktivitéiten ouni Iwwernuechtung,
- Formatioun B : Aide-Animateur bei Campen a Kolonien,
- Formatioun C : Animateur bei Campen a Kolonien,
- Formatioun D : spezialiséierten Animateur,
- Formatioun E : Campchef, Responsabel vun enger Kolonie,
- Formatioun F : Formateur.

Den SNJ bitt Formatioune fir sämtlech Breveten un.

D'Formatiounen, déi no de Prinzipie vun der non-formaler Bildung oflafen, bréngen de Jonken déi néideg Animatiounstechniken a gewësse Kenntnisser iwwer Kanner a Jugendlecher bäi. D'Participante léiere wéi si Aktivitéiten plangen, organiséieren an duerchféieren a wéi se e Grupp Kanner oder Jugendlecher richteg leeden. D'Zil vun der Formatioun ass, déi zukünfteg Animateuren drop virzebereeden, wéi se d'Kanner gutt encadréieren op de Kolonien a Campen.

Nom Ofschloss vum 1. Cycle, dee mindestens 150 Stonnen dauert, kritt den Animateur de Brevet B. Nom 2. Cycle, deen och eng Dauer vu mindestens 150 Stonnen huet, kritt den Animateur säi Brevet C. Nom Ofschloss vun der Formatioun fir Campchef oder Responsabel vun enger Kolonie ze ginn, kritt den Animateur säi Brevet E.

D'Formatiounen aus dëser Brochure sinn an Zesummenaarbecht mat enger ganzer Rei Partnerassociatiounen organiséiert: Groupe Animateur (GA), Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) an d'Muséksschoul vun der UGDA.

Den SNJ bidd nach eng Rëtsch aner Formatiounen un, déi awer net direkt op ee vun de Breveten erauslafen, zum Beispill déi fir d'Freelance an den Zentre vum SNJ.

Och am schoulesche Beräich kënnen déi Jonk u Formatioune vum SNJ deelhuelen.
Den SNJ organiséiert Formatioune fir d'Peer-Mediateuren.

All d'Formatioune lafen no de Methoden a Konzepter vun der non-formaler Bildung of.

# Animateur A, B, C, D, E, F

## ▶ Brevet vum Animateur A

Fir de Brevet A ze kréien, muss een un denen 2 Weekender vun der Animateur A Formatioun deelhuelen an et muss een e praktesche Stage vu min. 20 Stonnen an enger Maison Relais oder bei Vakanzaktivitéite maachen.

**Den SNJ bitt just d'Formatioun un, net de Stage!**

***Et muss ee kee Brevet A hunn, fir mam Brevet B unzefänken !!***

### Folgend Formatioune si fir Animateure vu Campen a Kolonien geduecht :

## ▶ Brevet vum Animateur B

Fir de Brevet B ze kréien, muss een :

- 3 Weekender (dovunner mindestens 2 „weekends de base")
- déi 1. Formatiounswoch
- e praktesche Stage (e Camp oder eng Kolonie vu mindestens 1 Woch) gemaach hunn.

Fir un de Formatioune vum Animateur B deelzehuelen, muss ee mindestens 16 Joer al sinn !

## ▶ Brevet vum Animateur C

Fir de Brevet C ze kréien, muss een d'Formatioune fir den Animateur B matgemaach hunn, an :

- 3 Weekender an
- déi 2. Formatiounswoch
- e praktesche Stage (e Camp oder eng Kolonie vu mindestens 1 Woch) gemaach hunn

Fir un der 2. Formatiounswoch deelzehuelen, muss ee mindestens 17 Joer al sinn.

## ▶ Brevet vum Animateur D

Beim SNJ kann een e Brevet D « Animateur transfrontalier » kréien, wann een un der « Formation transfrontalière dans la Grande Région » deelhëlt.

Fir de Brevet Animateur D ze kréien, muss een de Brevet vum Animateur C hunn !

## ▶ Brevet vum Animateur E

Dës Formatioun riicht sech un déi Animateuren, déi hire Brevet C hunn an déi wëlles hu Campchef oder Responsabel vun enger Kolonie ze ginn.
Fir de Brevet E ze kréien, muss een de Brevet C hunn, an un :

- dem Formatiounsweekend « Wéi organiséieren ech eng Kolonie ? » deelhuelen an
- e praktesche Stage maachen, dat heescht als „Campchef" un enger Kolonie oder engem Camp deelhuelen.

## ▶ Brevet vum Animateur F

Dës Formatioun ass fir déi Animateuren, déi jorelaang Erfahrung als Animateur a Campchef hunn, an déi wëlles hunn, selwer Formatioune fir Animateuren ze halen.

Fir de Brevet F ze kréien, muss een de Brevet C hunn an un :

- der Formatioun fir Formateuren deelhuelen an
- e praktesche Stage als Co-Formateur bei engem Formatiounsweekend maachen.

<u>E puer wichteg Informatiounen zur Animateursformatioun beim SNJ</u>

- D'Umeldung ass eréischt definitiv wann d'Suen um Kont vum SNJ sinn.
- Fir d'Formatioun unerkannt ze kréien, muss ee vum Ufank bis zum Schluss un denen eenzelne Formatiounen deelhuelen.
- Fir un den eenzelne Formatiounen deelzehuelen, muss ee lëtzebuergesch schwätze kënnen!
- Bei de Formatioune gëtt an engem Chalet oder an enger Jugendherberg iwwernuecht, ausser beim "Hike" a beim "Outdoor Cooking".
  Op deene Formatiounen iwwernuecht de Grupp dobaussen.

Kontakt
anouk.kopriwa@snj.lu
Tél.: 247-86464

Umeldung
http://agenda.snj.lu

# Freelance

## ▶ Teambuilding et sport en plein air

Dans le cadre de ses activités aux centres Marienthal et Lultzhausen, le Service National de la Jeunesse recherche des animateurs pour l`encadrement de groupes de jeunes pendant les stages sur parc à cordes, sports nautiques, vtt, vtt tandem, tir à l'arc, teambuilding-park, escalade en salle, voile, compétence médiatique et wild cooking.

Les animateurs doivent suivre préalablement des formations proposées, partiellement en collaboration avec l'ENEPS. Elles visent à préparer les candidats à l`encadrement de jeunes lors des différentes activités. Les frais d'inscriptions pour traîtement du dossier s'élèvent à 100.- EUR.

Les formations s'adressent à des personnes âgées de 18 ans au moins et 40 ans maximum, maîtrisant la langue luxembourgeoise, étant détenteur d'un brevet de premier secours et qui envisagent de s'engager comme animateur spécialisé pendant la semaine, le week-end ou pendant les vacances scolaires dans un des centres du SNJ.

**Plus d'informations et inscriptions :** **basenautique.lu**
**marienthal.snj.lu**

Contact
Jos Meysembourg
freelances@snj.lu

*** Dates des formations voir page 21**

## ▶ Freestyle crew

Le but de ce projet est de passionner des adolescents âgés de 11 à 20 ans pour des activités sportives freestyle et de promouvoir une alimentation équilibrée.
Les membres de la « Freestyle Crew » animent différents ateliers sportifs qui sont offerts lors du « Freestyle Tour » : Parkour, Hip-Hop, Breakdance, Capoeira, Streetskate, Longboard, Inline Skates, Freestyle Soccer, Jonglage.
Si tu es motivé(e) à encadrer des groupes de jeunes dans ta discipline freestyle, âgées de 18 ans et si tu es intéressé(e) à devenir membre de notre « Freestyle Crew », n'hésite pas à nous contacter.

**Plus d'informations et inscriptions :** **basenautique.lu**

Contact
Lisy Binck
elisabeth.binck@snj.lu

*** Dates des formations voir page 21**

# Peer Mediation

Le projet « Sief een Held, weis Courage [1]», ancien projet « Médiation par les pairs/Peer Mediation », veut contribuer à l'amélioration du « vivre ensemble », en responsabilisant les enfants et les jeunes à leur rôle dans la prévention de la violence et du harcèlement, tout en les incitant à réfléchir et à réaliser des activités et actions de sensibilisation au sein de leur structure.

## ▸ Projet "Sief een Held, weis courage"

Le projet « Sief een Held, weis Courage » se base sur l'expérience et le savoir-faire du projet « médiation par les pairs à l'école »/ « Peer-Mediation im Schulalltag », qui pendant 20 ans a su intéresser et motiver un grand nombre d'enfants et de jeunes à l'approche constructive de la résolution de conflits.
Ce nouveau projet veut aller plus loin dans son approche préventive et veut profiter de cette motivation pour encourager les jeunes à réaliser des activités de sensibilisation pour leurs camarades.

Ce nouveau projet comprend donc deux volets :

1. La mise en place d'équipes de projets, composées d'enfants ou de jeunes. Ces équipes développent, avec le soutien d'encadrants adultes, des actions de sensibilisation et de prévention de la violence dans leur école, maison relais, respectivement lycée ;
2. les écoles, maisons relais ou lycées peuvent compléter leurs efforts de prévention de la violence par la mise en place d'une offre de « médiation par des pairs ». Les acteurs du projet, pourront compléter leurs connaissances, par le biais d'une formation « médiation par les pairs » supplémentaire.

## ▸ Public cible

Le projet s'adresse aux enfants et aux jeunes fréquentant les maisons relais, les écoles et les lycées, qui :

- sont prêts à s'engager dans le groupe de projet de leur établissement et
- sont disposés à participer aux formations requises.

**Important:** Seuls les jeunes des établissements qui participent à l'actuel projet « Peer-Mediation » ou ceux qui adhéreront au projet à l'avenir, peuvent participer aux formations.

## ▸ La formation des jeunes

La formation des jeunes pour l'année scolaire 2020/21, en tant qu'année de transition entre l'actuel projet « Peer-Mediation » et le nouveau projet « Sief een Held, weis Courage », connaîtra peu de changement. En effet, tout comme dans le passé, la formation sera composée, de trois modules, qui porteront sur les thématiques suivantes :

1. la communication
2. les conflits
3. la médiation.

Néanmoins, en vue du nouveau projet, certains éléments de la formation seront légèrement adaptés.

Pour les dates de formations et plus d'informations : **www.peermediation.lu**

**Contact :**
Tania Matias
tania.matias@snj.lu

[1] Note : le titre du nouveau projet « Sief een Held, weis Courage » n'est que provisoire et sera sujet à changement.



# Programm 2020-21

| Zeechen | Erklärung |
|---|---|
| | Iwwernuechtung am Chalet oder Jugendherberg |
| | Iwwernuechtung am Bett |
| | Iwwernuechten ënner fräiem Himmel |
| | International Formatioun zu Lëtzebuerg |
| | International Formatioun am Ausland |
| L | Ëmgangssprooch |
| 16+ ans | Alter (min-max) |
| max. 15 | Zuel vun den Participant'en |
| 80€ | Präis vum Stage |
| A | Formatioun Brevet A |
| B | Formatioun Brevet B |
| C | Formatioun Brevet C |
| D | Formatioun Brevet D |
| E | Formatioun Brevet E |
| F | Formatioun Brevet F |

# Formatioune B, C, D, E,

## Oktober 2020

▶ *17.10. – 18.10.2020*

### Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Wéi kann ech e Kand mat enger Behënnerung a mengem Grupp oder bei engem Spill integréieren? Ass dat iwwerhaapt méiglech? Wéi ginn ech domat ëm? Mat vill eegener Erfahrung vun den Zeltkolonien an enger ganzer Rei vu klengen Tricken weise mir dir wou Méiglechkeeten a Grenzen vun der Integratioun op enger Kolonie leien. Natierlech verbonnen mat enger ganzer Rei praktesche Beispiller!

**Responsabel :** Alex Peltzer, Anne Gantrel, Laetitia Loconte

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 15 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *17.10. – 18.10.2020*

### Sinn dës Spiller ze veräntwerten ?

(weekend de spécialisation)

*Erpeldange / Sûre*

Wat bedeit et als Animateur bei Aktivitéiten Verantwortung ze droen? Nieft engem theoreteschen Deel iwwert Sécherheet a Verantwortung kucke mir bei enger Rei Abenteuerspiller wéi dës Theorie kann an d'Praxis ëmgesat ginn. Dëse Stage wend sech och un Animateuren mat fäerdeger Formatioun, déi zousätzlech Impulser an Know-How fir d'Praxis brauchen.

**Responsabel :** Georges Faber

**Coorganisateur/partenaire :** LGS

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *24.10. – 25.10.2020*

### Bastel – Gekniwwels

(weekend de base)

*Marienthal*

Op dësem Weekend kriss du vill nei originell Iddië fir Atelieren. Hei gëtt geschnëppelt, gepecht, Rezepter a verréckt Sportaarten ausprobéiert bis et net méi geet. Hei gesäis du wéi een sou eng Aktivitéit opbaut a kriss vill Tipps an Tricks mat op de Wee

**Responsabel :** Max Waldbillig, Daphne O'Brien, Michèle Scholtes

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 25 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

## Oktober 2020

▶ *01.11. – 07.11.2020*

### Formatiounswoch 1er cycle

(Semaine de formation B)

*Lultzhausen*

Wëlls du Kanner eng flott Vakanz bidden an dobäi selwer vill Spaass hunn? Da bass du op dëser Woch genee richteg! Praxisorientéiert léiers du wéi ee Kanner mat Spiller, Atelieren a méi, animéiert, wéi e Grupp funktionéiert a wéi een an enger Moniteursequipe zesumme schafft a sech ameséiert fir sou de Kanner eng onvergiesslech Zäit ze bidden. Fills du dech ugesprach? Da mell dech séier un, fir gutt Stëmmung ass op alle Fall gesuergt…

**Responsabel :** Aurélien Pottier, Jennifer Meester, Pol Jung

**Coorganisateur/partenaire:** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 160 € | B | L

▶ *02.11. – 06.11.2020*

### Formatiounswoch 2e cycle

(Semaine de formation C)

*Marienthal*

An dëser Woch gi mir op d'Roll vum Animateur an, mir behandelen Theme wéi Kommunikatioun a Gruppendynamik mat prakteschen Übungen, mir tauschen eis iwwer éischt praktesch Erfahrungen aus a mir léieren Notioune vun 1. Hëllef fir am Fall vun engem Accident oder enger Verletzung richteg reagéieren ze kënnen.

**Konditioun :** Formatiounswoch 1er cycle a praktesch Erfahrung

**Responsabel :** Anouk Kopriwa, Carmen Michels, Tom Fischer

**Coorganisateur/partenaire:** Groupe Animateur

max. 20 | 17 + Joer | 150 € | C | L





## November 2020

▶ *07.11. – 08.11.2019*

### Alles kee Problem!

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Animateur sinn op enger Kolonie ass verbonne mat enger Reih Erausfuerderungen a Froestellungen : Wéi reagéieren ech op Autoritéitsproblemer a Regelverstéiss bei Kanner ? Wat kann ech man, am Fall vu Kommunikatiounsschwieregkeeten ënnert den Animateur'en? Wéi ginn ech em mat Léift a Sexualitéit op der Kolonie? Zesumme mat iech wëlle mer oppen iwwer dës an aner Froen diskutéieren, eis an déi jeeweileg Situatioun a Persounen eraversetzen an op dës Manéier verschidde Léisungsvirschléi erschaffen.
Fir dës Formatioun wier et gutt, wann s du opmannst schonn eng Kolonie/Aktivitéit mat Kanner als Moniteur gemaach häss

**Responsabel :** Ben Piret, Meggie Hoffmann
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *14.11. – 15.11.2020*

### Teambuilding

(weekend de spécialisation)

*Weicherdange*

TEAM – Together Everyone Achieves More? Einer für alle, alle für einen? Zesumme si mer staark? Was wir alleine nicht schaffen, das schaffen wir dann zusammen? Alles nëmme blöd Sprëch oder ass wierklech eppes drun, datt een zesumme méi erreecht? Fir dat erauszefanne kucke mir eis verschidde kooperativ abenteuerlech Aktivitéiten un déi e Grupp zesummewuesse loossen. Virwëtzeg a prett fir Teambuilding?
Da mell dech séier bei eis un!

**Responsabel :** Stéphanie Weber, Valérie Klein
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max.20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

## November 2020

▶ *21.11. – 22.11.2020*

### Danz an Hip Hop op der Kolonie

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Wéi kann ech d'Danzen op enger Kolonie gebrauchen?
Wéi motivéieren ech e Jugendleche fir ze danzen?
Wéi mecht een eng Choreographie?

**Responsabel :** Carlo Köller, Claudia Urhausen
**Coorganisateur/partenaire :** Ecole de musique de l'UGDA

max. 20 | 16 + Joer | 56 € | B | C | L

## Dezember 2020

▶ 05.12.2020

### Formatioun fir Formateuren

(fir d'Formateure vun de B an C Formatiounen)

*Marienthal*

Dës Formatioun riicht sech un Animateuren, déi wëlles hunn, Formateur ze ginn. Theme vun dëser Formatioun sinn ënner anerem non-formal Bildung, gesetzlech Basis, Hëllefsmëttel fir Animateuren a Formatiounstechniken.

**Konditioun :** Brevet C an eng grouss Erfahrung als Animateur a Campchef hunn.
**Responsabel :** Anouk Kopriwa, Mehr als lernen

max. 20 | 21 + Joer | 15 € | F | L

▶ *19.12. – 20.12.2020*

### Spill a Spaass fir déi Kleng

(weekend de base)

*Marienthal*

Oh nee! Déi Kanner sinn dach vill ze kleng, wat kann ech wuel mat deene maachen? Op dëser Formatioun léiers du Spiller, Lidder, Dänz a Gebastels, déi och déi kléng Butze fäerdeg bréngen.

**Responsabel :** Jenny Meester, Francesco Castellana
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L



## Dezember 2020

▶ *19.12.2020*

### Wéi organiséieren ech eng Kolonie ?

(weekend de spécialisation)

*Erpeldange / Sûre*

Eng Aktivitéit als **Responsabel** (Camp/Kolonie/Weekend) beim SNJ/GA organiséieren; wat kënnt do op mech duer? Dëse Stage gëtt dir en Abléck an de Pabeierkrich, déi engagéiert Responsabilitéiten, d'Zesummesetzen an d'Leede vum Staff an d'Entwécklung vu Konzepter a . Strukturen fir deng Aktivitéit ze plangen an duerchzeféieren. Mir wäerfen och e Bléck op dat ganzt Material wat sou op enger Aktivitéit zesummekënnt.

*Fir un dësem Stage deelzehuelen, solls du schonn en Animateur C Brevet hunn a schonn op eng Erfarung vun e puer Campen a Kolonien als Animateur kënnen zréck kucken.*

**Responsabel :** Valérie Klein, Jeanne Jénin

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 12 | 18 + Joer | 10 € | E | L

## Januar 2021

▶ *09.01. – 10.01.2021*

### Nuetsraid

(weekend de spécialisation)

*Erpeldange/Sûre*

Mir trainéieren den Ëmgang mat Kaart a Kompass, léieren d'Funkprozedur a wenden dëst Wëssen an der Nuecht un, bei enger Expeditioun déi sech gewäsch huet. Pak deng Täscheluucht an a lass !

**Responsabel :** Georges Faber / Jan Reimen

**Coorganisateur/partenaire :** LGS

max. 25 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *30.01. – 31.01.2021*

### Theater op der Kolonie

(weekend de base)

*Larochette*

Geschichten a Theater hunn eng grouss Valeur op eise Kolonien. Fest encadréiert am Wocheplang suergen dës fir Identifikatioun a Spannung bei de Kanner. Wëlls du och léieren a probéieren, wourop et ukënnt op der Bühn ze stoen? Vu klasseschen Theater-Instrumenter, Improvisatioun bis zu engem Theaterstéck, op dësem Weekend as fir jidfereen eppes dobäi.

**Responsabel :** Lynn Kraus, Jon Lahyr, Markus Mares

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35€ | B | C | L







## Mäerz 2021

*06.03. – 07.03.2021*

### Kachen a Brachen

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Wéi schielen ech eng Ënn ? Wat man ech wann 120 Leit Honger hunn? Vun der einfacher Spaghetti bis bei de leckere Gaumenschmaus, Menüer fir Kanner, Kache mat Kanner.
Ee Weekend fir Käch a Kichebanausen.

**Responsabel :** Alex Peltzer, Magali Margue, Lisa Gidt, Lou Frisch

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

*06.03. – 07.03.2021*

### Bodypercussion a Stomp

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Mir klappen op alles a maache Kaméidi.

**Responsable :** Carlo Köller, Henri Junck, Claudine Schott

**Coorganisateurs/partenaires :** Ecole de musique de l'UGDA

max. 20 | 16 + Joer | 56 € | B | C | L

*13.03. – 14.03.2021*

### De roude Fuedem

(weekend de base)

*Hollenfels*

Den Indiana Jones, dee mam Shrek zesummen d'Dornrösche hannert de 7 Bierger aus de Fäng vum Lord Voldemort rett, well deen der Micky Maus de Schatz vum Käptn Jack Sparrow sengem Schëff geklaut huet, brauch dem Batman an dem James Bond seng Hëllef…. Ob dat alles sou klappt? Wou ass de roude Fuedem? Oder hu dir de Fuedem scho verluer? Ma genee dee siche mir! Op dësem Weekend gesi mir net nëmmen, wéi een eng flott Geschicht zesumme setzt mee och, wou, wéi eng Geschicht passt a wéi een déi kann abauen.

**Responsabel :** Castellana Francesco, Konrad Brandon, Mares Markus

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 25 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

## Mäerz 2021

*20.03. & 21.03.2021*

### Wéi organiséieren ech eng Kolonie ?

(weekend de spécialisation)

*Erpeldange / Sûre*

Eng Aktivitéit als **Responsabel** (Camp/Kolonie/Weekend) beim SNJ/GA organiséieren; wat kënnt do op mech duer? Dëse Stage gëtt dir en Abléck an de Pabeierkrich, déi engagéiert Responsabilitéiten, d'Zesummesetzen an d'Leede vum Staff an d'Entwécklung vu Konzepter a . Strukturen fir deng Aktivitéit ze plangen an duerchzeféieren. Mir wäerfen och e Bléck op dat ganzt Material wat sou op enger Aktivitéit zesummekënnt.
Den zweeten Dag, den net obligatoresch ass, riicht sech un all déi zukünfteg Responsabel, déi gär Kanner mat ënnerschiddleche Behënnerunge mat op hir Kolonie huelen. Hei kriss Du erkläert, wat alles am Virfeld z'organiséieren ass an op wat s du wärend der Kolonie muss oppassen, fir dass d'Inklusioun geléngt.
*Fir un dësem Stage deelzehuelen, solls du schonn de Brevet d'animateur C hunn (2e cycle ofgeschloss) a schonn op eng Erfahrung vun e puer Kolonien als Animateur kënnen zréck kucken.*

**Responsabel :** Samstes :Valérie Klein, Jeanne Jénin, Sonndes : Anne Gantrel, Laetitia Loconte

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 12 | 18 + Joer | 10 € | E | L

*26.03. – 28.03.2021*

### Owesaktivitéiten an Nuetsspiller

(weekend de spécialisation)

*Erpeldange / Sûre*

Op dësem Weekend léiers du, wéi een Nuetsspiller organiséiert an ëmbaut. Aktivitéiten, fir kleng a grouss Kanner, am Haus oder am Bësch stinn um Programm. Wann s du wëlls méi wëssen zur Veillée, Nuetsspiller, Nuetsrallyen a schonn ëmmer denger Kreativitéit fräie Laf loossen an deng Spill-Iddi teste wollts, da mell dech direkt hei un.
!!Dëse Weekend fänkt Freides owes un!!

**Responsabel :** Gil Majerus, Valérie Klein, Michèle Scholtes

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L





## Abrëll 2021

*04.04. – 10.04.2021*

### Formatiounswoch 1er cycle

(Semaine de formation B)

*Marienthal*

Wéi betreien an animéieren ech e Grupp Kanner? Wéi preparéieren a realiséieren ech e grousst Spill oder een Atelier? Wéi schaffen an ameséieren ech mech mat menge Co-Moniteuren? Wann s du dir all dës Froe stells, a Loscht hues mat anere motivéierte Jonken op eng praxisorientéiert Art a Weis ze léieren, wéi ee Kanner eng onvergiesslech Zäit bitt, da bass du op dëser Woch genau richteg!

**Responsabel :** Laetitia Loconte, Jon Lahyr, Marie Roderes

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 160€ | B | L

*Vacances de Pâques*

### Formation transfrontalière dans la Grande Région

*Marienthal*

Dans le cadre de la coopération transfrontalière, les partenaires de la Grande Région (Luxembourg, Wallonie, Lorraine, Sarre, Rhénanie-Palatinat) organisent ensemble une formation pour animateurs qui peut être validée comme semaine de formation 2e cycle. La formation a comme but de compléter les compétences interculturelles dans l'animation d'activités et d'échanges dans la Grande Région.

**Responsable :** Michèle Scholtes, Laura Ottelé

**Coorganisateurs/partenaires :** EVEA (D)

max. 5 | 18 + Joer | 150€ | C | D | D | F

*17.04. – 18.04.2021*

### Spill a Spaass fir déi Kleng

(weekend de base)

*Marienthal*

Oh nee! Déi Kanner sinn dach vill ze kleng, wat kann ech wuel mat deene maachen? Op dëser Formatioun léiers du Spiller, Lidder, Dänz a Gebastels, déi och déi kléng Butze fäerdeg bréngen.

**Responsabel :** Jenny Meester, Francesco Castellana

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35€ | B | C | L

## Abrëll 2021

*24.04. – 25.04.2021*

### Teambuilding

(weekend de spécialisation)

*Hollenfels*

TEAM – Together Everyone Achieves More? Einer für alle, alle für einen? Zesumme si mer staark? Was wir alleine nicht schaffen, das schaffen wir dann zusammen? Alles nëmme blöd Spréch oder ass wierklech eppes drun, datt een zesumme méi erreecht? Fir dat erauszefanne kucke mir eis verschidde kooperativ abenteuerlech Aktivitéiten un déi e Grupp zesummewuesse loossen. Virwëtzeg a prett fir Teambuilding? Da mell dech séier bei eis un!

**Responsabel :** Stéphanie Weber, Valérie Klein

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35€ | B | C | L

*24.04. – 25.04.2021*

### Film- an Tountechnik liicht gemaach!

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Mir erkläre Material, wat brauche mir a wéi fonktionnéiert et. Mir filmen, huelen op a verschaffen dat ganzt um Computer.

**Responsabel :** Carlo Köller, Frank Schroeder, Adrien Promme, Philippe Becker

**Coorganisateur/partenaire :** Ecole de musique de l'UGDA

max. 20 | 16 + Joer | 56€ | B | C | L

24.04.2021

### Formatioun fir Formateuren

(fir d'Formateure vun de B an C Formatiounen)

*Marienthal*

Dës Formatioun riicht sech un Animateuren, déi wëlles hunn, Formateur ze ginn. Theme vun dëser Formatioun sinn ënner anerem non-formal Bildung, gesetzlech Basis, Hëllefsmëttel fir Animateuren a Formatiounstechniken.

**Konditioun :** Brevet C an eng grouss Erfahrung als Animateur a Campchef hunn.

**Responsabel :** Anouk Kopriwa, Mehr als lernen

max. 20 | 21 + Joer | 15€ | F | L






## Mee 2021

▶ *01.05. – 02.05.2021*

### Kaart a Kompass

(weekend de base)

*Erpeldange/Sûre*

Als gudden Animateur hues du natierlech ëmmer Kaart & Kompass dobäi wann s du an de Bësch gees a, fir dass dat Material net nëmme Ballast ass, weise mir dir op dësem Weekend wéi ee sech mat Kaart a Kompass orientéiert a flott Expeditiounen a Spiller fir d'Kanner virbereede kann. Dass dat ganzt keng Konscht ass, kann s du op dësem WE bei ville Geleeënheeten selwer ausprobéieren.

**Responsabel :** Joe Piret, Max Waldbillig, Dan Reuter
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

## Mee 2021

▶ *07.05. – 09.05.2021*

### Grouss Spiller am Bësch an an der Stad

(weekend de base)

*Erpeldange/Sûre*

Wat kënne mer mat de Kanner haut de Mëtten maachen? Eng Aktivitéit fir d´ganz Kolonie? Iwwer de ganzen Dag? E Spill am Bësch? Wann s du der dës Froen stells an och nach wëlls wëssen wéi een esou eng Aktivitéit organiséiert da mell dech hei un. Hei kriss du d'Méiglechkeet fir selwer ze plangen an auszeprobéieren.

**!!Dëse Weekend fänkt Freides owes un!!**

**Responsabel :** Tom Fischer, Alain Tonnar, Jeanne Jenin
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 24 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *15.05. – 16.05.2021*

### Plang B

(weekend de base)

*Vianden*

Haut geet et an d'Schwämm, dat ass ëmmer eng super Aktivitéit an d'Kanner freeë sech scho wéi wëll. D'Stëmmung ass super, bis mer virun der Schwämm stinn. Oh nee, d'Schwämm ass zou! A wat elo? Leider leeft net ëmmer alles riicht an et muss een heiansdo improviséieren. Dëse Weekend soll dir weisen dass ee bei grousse Pannen, wéi enger Aktivitéit déi ausfält, awer och bei méi klenge Pannen mat ganz einfache Mëttelen kann d'Kolonie um lafen halen. Ziel vum Weekend ass et dass du dono ëmmer e Plang B an der Täsch hues, a ganz spontan kann s eppes aus dem Aarm zauberen, ouni dofir vill ze organiséieren.

**Responsabel :** Cassidy Nelting, Charly Lippert
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *23.05. – 29.05.2021*

### Formatiounswoch 1er cycle

(semaine de formation B)

*Weicherdange*

Wëlls du Kanner eng flott Vakanz bidden an dobäi selwer vill Spaass hunn? Da bass du op dëser Woch genee richteg! Praxisorientéiert léiers du wéi ee Kanner mat Spiller, Atelieren a méi, animéiert, wéi e Grupp funktionéiert a wéi een an enger Moniteursequipe zesumme schafft a sech ameséiert fir sou de Kanner eng onvergiesslech Zäit ze bidden. Fills du dech ugesprach? Da mell dech séier un, fir gutt Stëmmung ass op alle Fall gesuergt…

**Responsabel :** Meggie Hoffmann, Tom Fischer, Laurie Ndzana
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 160 € | B | L








## Juni 2021

▶ *05.06. – 06.06. & 12.06 – 13.06. 2021*

### Animateur A Formatioun

*Marienthal*

Dës Formatioun ass fir de Brevet vum Animateur A. Fir dee Brevet ze kréien, muss een déi 2 WE matmaachen (30 Stonnen). Um Programm sti Spiller, d'Roll an d'Responsabilitéit vum Animateur, Sécherheet a Präventioun an nach villes méi, wat ee brauch fir Kanner flott Aktivitéiten ze bidden. De prakteschen Deel (min. 20 Stonnen) muss am Kader vu Vakanzaktivitéiten an enger Gemeng oder bei enger Maison Relais gemaach ginn.

*Dës Formatioun muss een net maachen, fir Kanner a Jugendlecher op Campen a Kolonien ze betreien. Et kann een och direkt mam Brevet B ufänken!*

**Responsabel :** Jenny Meester, Charly Lippert

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 15 + Joer | 70 € | A | L

▶ *05.06. – 06.06.2021*

### Hike

(weekend de base)

*Mersch*

De Wee mat der Kaart a mam Kompass fannen, sech een Biwak dobaussen opriichten fir kënnen dréchen ze schlofen, wëssen wat ee wéi dobausse kache kann, op wat een oppasse muss beim Organiséieren vun engem Hike a wéi een sou eng Aktivitéit richteg flott a sécher maache kann, alles dat gëss du hei gewuer!

**Responsabel :** Jeanne Jénin, Valérie Klein, Max Waldbillig

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

## Juni 2021

▶ *Juni.2021*

### Integratioun vu Kanner mat enger Behënnerung

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*


Wéi kann ech e Kand mat enger Behënnerung a mengem Grupp oder bei engem Spill integréieren? Ass dat iwwerhaapt méiglech? Wéi ginn ech domat ëm? Mat vill eegener Erfahrung vun den Zeltkolonien an enger ganzer Rei vu klengen Tricken weise mir dir wou Méiglechkeeten a Grenzen vun der Integratioun op enger Kolonie leien. Natierlech verbonnen mat enger ganzer Rei praktesche Beispiller!

**Responsabel :** Alex Peltzer, Anne Gantrel, Laetitia Loconte

**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 12 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L





## September 2021

▶ *11.09. – 12.09.2021*

### Outdoor Cooking

(weekend de spécialisation)

*Neuhäusgen*

Net schonn erëm grillen! Besser ee Saumon um Feier, Kaiserschmarrn, Pizza an nach een Dessert vum Feier. Nieft e puer Aktivitéiten, déi s du ganz gutt mat engem Grupp Kanner dobaussen am Bësch maache kanns, këmmere mir eis de ganze Weekend ëm d'Feier, d'lesse preparéieren, kachen a schmaachen.
Du kanns d'Rezepter selwer ausprobéieren a léiers kennen, wat een alles sou um Feier Leckers kache kann.

**Responsabel :** Tom Fischer, Meggie Hoffmann, Louise Girst
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *18.09. – 19.09.2021*

### Konstruktiouns- a Bastelstage

(weekend de base)

*Erpeldange / Sûre*

Wann s du schon ëmmer wësse wollts wéi een op engem Camp oder enger Kolonie flott a sécher Konstruktiounen mat a fir d'Kanner baue kann, da bass du op dësem Weekend genee richteg !
Mir léiere verschidde Kniet a bauen niewent enger grousser Konstruktioun aus Holz och eng Afebréck. Owes loosse mir den Dag gemittlech mat einfache Bastelatelieren ausklénger.

**Responsabel :** Jang Ast, Adela Özkan, Max Waldbillig
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L



## Oktober 2021

▶ *02.10. – 03.10.2021*

### New Games

(weekend de base)

*Larochette*

Billy-Billy-Bob, Riesen-Elfen-Zauberer, Ying-Yang,? … an all déi aner New Games, sinn dat nëmme kleng Spiller fir den Zäitverdreif oder stécht méi derhannert? Dëst wäerte mir op dësem WE erklären. Dernieft wäerte mir selbstverständlech vill nei New Games kenneléieren an se och spillen.

**Responsabel :** Meggie Hoffmann, Tom Fischer, Anne Jacobs
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 22 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *16.10. – 17.10.2021*

### Sinn dës Spiller ze veräntwerten ?

(weekend de spécialisation)

*Erpeldange / Sûre*

Wat bedeit et als Animateur bei Aktivitéiten Verantwortung ze droen? Nieft engem theoreteschen Deel iwwert Sécherheet a Verantwortung kucke mir bei enger Rei Abenteuerspiller wéi dës Theorie kann an d'Praxis ëmgesat ginn. Dëse Stage wend sech och un Animateuren mat fäerdeger Formatioun, déi zousätzlech Impulser an Know-How fir d'Praxis brauchen.

**Responsabel :** Georges Faber
**Coorganisateur/partenaire :** LGS

max. 20 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *23.10. – 24.10.2021*

### Bastel-Gekniwwels

(weekend de base)

*Marienthal*

Op dësem Weekend kriss du vill nei originell Iddien fir Atelieren. Hei gëtt geschnëppelt, gepecht, Rezepter a verréckt Sportaarten ausprobéiert bis et net méi geet. Hei gesäis du wéi een sou eng Aktivitéit opbaut a kriss vill Tipps an Tricks mat op de Wee.

**Responsabel :** Max Waldbillig, Daphne O'Brien, Michèle Scholtes
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 25 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L







## Oktober 2021

▶ *31.10. – 06.11.2021*

### Formatiounswoch 1er cycle

(semaine de formation B)

*Lultzhausen*

Wëlls du Kanner eng flott Vakanz bidden an dobäi selwer vill Spaass hunn? Da bass du op dëser Woch genee richteg! Praxisorientéiert léiers du wéi ee Kanner mat Spiller, Atelieren a méi, animéiert, wéi e Grupp funktionéiert a wéi een an enger Moniteursequipe zesumme schafft a sech ameséiert fir sou de Kanner eng onvergiesslech Zäit ze bidden. Fills du dech ugesprach? Da mell dech séier un, fir gutt Stëmmung ass op alle Fall gesuergt…

**Responsabel :** Pol Jung
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 20 | 16 + Joer | 160 € | B | L



## November 2021

▶ *01.11. – 05.11.2021*

### Formatiounswoch 2e cycle

(semaine de formation C)

*Marienthal*

An dëser Woch gi mir op d'Roll vum Animateur an, mir behandelen Theme wéi Kommunikatioun a Gruppendynamik mat prakteschen Übungen, mir tauschen eis iwwer éischt praktesch Erfahrungen aus a mir léieren Notioune vun 1. Hëllef fir am Fall vun engem Accident oder enger Verletzung richteg reagéieren ze kënnen.
**Konditioun :** Formatiounswoch 1er cycle a praktesch Erfahrung
**Responsabel :** Anouk Kopriwa, Tom Fischer

max. 20 | 17 + Joer | 150 € | C | L

▶ *06.11. – 07.11. 2021*

### Alles kee Problem!

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Animateur sinn op enger Kolonie ass verbonne mat enger Reih Erausfuerderungen a Froestellungen : Wéi reagéieren ech op Autoritéitsproblemer a Regelverstéiss bei Kanner? Wat kann ech man, am Fall vu Kommunikatiounsschwieregkeeten ënnert den Animateur'en? Wéi ginn ech ëm mat Léift a Sexualitéit op der Kolonie?
Zesumme mat iech wëlle mer oppen iwwer dës an aner Froen diskutéieren, eis an déi jeeweileg Situatioun a Persounen eraversetzen an op dës Manéier verschidde Léisungsvirschléi erschaffen.
**Responsabel :** Ben Piret, Meggie Hoffmann
**Coorganisateur/partenaire :** Groupe Animateur

max. 22 | 16 + Joer | 35 € | B | C | L

▶ *20.11. – 21.11.2021*

### Danz an Hip Hop op der Kolonie

(weekend de spécialisation)

*Marienthal*

Wéi kann ech d'Danzen op enger Kolonie gebrauchen?
Wéi motivéieren ech e Jugendleche fir ze danzen?
Wéi mecht een eng Choreographie?

**Responsabel :** Carlo Köller, Claudia Urhausen
**Coorganisateur/partenaire :** Ecole de musique de l'UGDA

max. 20 | 16 + Joer | 56 € | B | C | L

**Inscription au plus tard deux semaines avant l'activité à l'aide de la fiche d'inscription ci-dessous.**
**Anmeldeschluss: spätestens zwei Wochen vor Beginn der Aktivität.**

Une réduction peut être accordée le cas échéant.
Gegebenenfalls kann eine Ermässigung bewilligt werden.

Aktivität:
Activité: ..........................................................................................

vom bis in
du.................................au.................à..........................................

Name Vorname
Nom................................Prénom....................................................

Strasse Nr
Rue..........................................................................Nr.............

Postleitzahl Wohnort
Code postal....................Localité....................................................

Tél. / GSM........................................................................................

Geburtsdatum
Date de naissance...........................................................................

Versicherungsnummer / Krankenkasse
Matricule / Caisse de maladie.........................................................

Schule / Beruf
Ecole / Profession..........................................................................

Unterschrift / Signature

Teilnehmer unter 18 Jahren: Unterschrift des gesetzlichen Vertreters
Participants en-dessous de 18 ans: Signature des parents / tuteurs

Service National de la Jeunesse
138 blvd de la Pétrusse BP 707 L-2017 Luxembourg
tél.: 247- 86455 fax. 26 20 30 48

**INSCRIPTION PAR INTERNET: http://www.snj.lu oder http://agenda.snj.lu**

Conformément au chapitre VI de la Loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel ( voir sous rubrique http://www.legilux.lu ) vous disposez de certains droits, dont notamment le droit d'accès aux informations qui vous concernent et un droit de rectification des informations inexactes.Si vous entendez exercer ces droits, veuillez contacter le SNJ.

# Formatioune fir Animateur spécialisé 2021

| Date | Formation | Lieu | Horaires |
|---|---|---|---|
| 16.01.2021 | Journée d'introduction | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 30.01.2021 | Escalade (1/4) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 31.01.2021 | Escalade (2/4) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 03.02.2021 | Team Building Park (1/3) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 04.02.2021 | Team Building Park (2/3 | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 05.02.2021 | Team Building Park (3/3)+ Examen | Marienthal | 09.00 - 14.00 |
| 06.02.2021 | Escalade (3/4) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 07.02.2021 | Escalade (4/4)+ Examen | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 27.02.2021 | Vtt (1/4) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 28.02.2021 | Vtt (2/4) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 03.03.2021 | Journée d'introduction | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 04.03.2021 | De kulturelle Rucksak (1/1) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 06.03.2021 | Training Expert/TR « Teambuilding » | Marienthal | 08.00 - 10.00 Tir à l'arc (3D)<br>10.00 - 11.30 Tandem<br>12.00 - 18.00 Parc à cordes |
| 06.03.2021 | Vtt (3/4) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 07.03.2021 | De kulurelle Rucksak | Marienthal | 09.00 - 12.00 |
| 07.03.2021 | Vtt (4/4)+ Examen | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 12.03.2021 | Training Experts BNL | Lultzhausen | 09.00 - 14.00 |
| 13.03.2021 | Training Trainer BNL | Lultzhausen | 09.00 - 10.30 Klammen<br>10.30 - 11.30 MTB<br>12.00 - 14.00 Waasser |
| 13.03.2021 | Voile (1/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 14.03.2021 | Voile (2/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 20.03.2021 | Voile (3/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 21.03.2021 | Voile (4/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 27.03.2021 | Voile (5/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 27.03.2021 | Natur erliewen - Schnupperdag | Huelmes | 09.00 - 15.00 |
| 28.03.2021 | Voile (6/6) + Examen | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 21.04.2021 | Parc à cordes (1/7) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 22.04.2021 | Parc à cordes (2/7) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 23.04.2021 | Parc à cordes (3/7) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 26.04.2021 | Parc à cordes (4/7) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 27.04.2021 | Parc à cordes (5/7) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 28.04.2021 | Parc à cordes (6/7) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 29.04.2021 | Parc à cordes (7/7)+ Examen | Marienthal | 08.00 - 14.00 |
| 04.05.2021 | Märjendall Expeditioun (1/2) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 05.05.2021 | Märjendall Expeditioun (2/2) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 18.05.2021 | Tandem (1/3) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 19.05.2021 | Tandem (2/3) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 20.05.2021 | Tandem (3/3) + Examen | Marienthal | 14.00 - 18.00 |
| 05.06.2021 | Sports nautiques (1/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 06.06.2021 | Sports nautiques (2/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 12.06.2021 | Sports nautiques (3/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 13.06.2021 | Sports nautiques (4/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 14.06.2021 | Tir à l'arc (1/5) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 15.06.2021 | Tir à l'arc (2/5) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |

| Date | Formation | Lieu | Horaires |
|---|---|---|---|
| 16.06.2021 | Tir à l'arc (3/5) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 17.06.2021 | Tir à l'arc (4/5) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 18.06.2021 | Tir à l'arc (5/5) + Examen | Marienthal | 08.00 - 14.00 |
| 19.06.2021 | Sports nautiques (5/6) | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 20.06.2021 | Sports nautiques (6/6) + Examen | Lultzhausen | 09.00 - 18.00 |
| 02.07.2021 | Training Experts BNL | Lultzhausen | 09.00 - 14.00 |
| 03.07.2021 | Training Trainer BNL | | 09.00 - 10.30 Klammen |
| | | Lultzhausen | 10.30 - 11.30 MTB |
| | | | 12.00 - 14.00 Waasser |
| 14.07.2021 | Journée d'introduction (facultative) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 11.09.2021 | Training Expert/TR « Teambuilding » | Marienthal | 08.00 - 10.00 Tir à l'arc (3D) |
| | | | 10.00 - 11.30 Tandem |
| | | | 12.00 - 18.00 Parc à cordes |
| 02.10.2021 | Journée d'introduction (français) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 23.10.2021 | Freestyle Crew (1/1) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 24.10.2021 | Freestyle Crew (2/2) | Marienthal | 09.00 - 18.00 |
| 24.11.2021 | Escape Room (1/3) | Marienthal | 09.00 - 14.00 |
| 25.11.2021 | Escape Room (2/3) | Marienthal | 08.00 - 18.00 |
| 26.11.2021 | Escape Room (3/3)+ Examen | Marienthal | 08.00 - 14.00 |
| 11.12.2021 | Training Expert/TR « Teambuilding » | Marienthal | 08.00 - 10.00 TB Parc |
| | | | 10.00 - 11.30 Escape Area |
| 04.12.2021 | Training « Freestyle Crew » | Marienthal | 13.00 - 18.00 |

JOURNÉE D'INTRODUCTION
Activité(s) de SPORT
Activité(s) « TEAMBUILDING »
Activité(s) « FREESTYLE »
Activité(s) « ÉDUCATION AU DEVELOPPEMENT DURABLE »
Entrainements « ANIMATEURS SPÉCIALISÉS »
Activité(s) « ALIMENTATION ÉQUILIBRÉE »
Activité(s) « APPRENTISSAGE INTERCULTUREL »



Beuecht bei der Umeldung w.e.gl, dass verschidde Formatiounen sech iwwerschneiden. Deemno muss du dech fir eng dovun entscheede fir 100% vun der Zäit kennen dobäi ze sinn!

Kontakt
Service national de la jeunesse
Base nautique Lultzhausen
26, an der Driicht L-9666 Lultzhausen
Tél.: (+352) 247-86496 / Fax : (+352) 89 92 48
freelances@snj.lu





**KOLONIE**HIKE**NATUR**SÉCHERHEET**WËSSENSCHAFT**

**Adresse siège**
138 blvd de la Pétrusse • L-2330 Luxembourg
Tél. : (+352) 2478-6465 Fax : (+352) 46 41 86
info@snj.lu • www.snj.lu

MINISTÈRE DE L'ÉDUCATION NATIONALE,
DE L'ENFANCE ET DE LA JEUNESSE
Service national de la jeunesse